PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Uschloss vu menger parlamentarescher Fro n°2573 iwwert d'Summerresidenz vum Grand-Duc zu Cabasson wëll ech e puer Nofroe stellen zu der Roll vum Personal a vun der Police, déi d'Sécherheet vum Grand-Duc assuréiert. Ech präziséieren, datt et sech bei folgende Froen net ëm Detailer zu organisatoreschen oder sécherheetsrelevante Punkten handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung garantéieren, datt d'Aarbechts– a Rouhzäite vun de Polizisten, Beamten an Employéen zu Cabasson respektéiert ginn an am Aklang mat de legalen Dispositiounen zu Lëtzebuerg sinn a kann d'Regierung ausschléissen, datt d'Personal zu Cabasson méi Stonne schaffe muss, wéi an de Gesetzer an a Gewerkschaftsaccorde festgehale sinn?

2. Wéi ee Status hunn d'Polizisten, déi de Grand-Duc zu Cabasson beschützen? Wéi sinn d'Pouvoire vun der Policeeskorte vum Grand-Duc zu Cabasson gereegelt? Anescht gefrot: däerfen d'Polizisten zu Cabasson Infraktioune feststellen an zum Beispill Leit festhuelen oder protokolléieren?

3. Des Weidere wëll ech wëssen, ob den Terrain zu Cabasson och bewaacht ass an ob Personal dohanne schafft, wann de Grand-Duc net do present ass?

4. Wéi eng Posten aus dem Staatsbudget si fir den Ënnerhalt vun der Residenz vum Grand-Duc zu Cabasson virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député